Léif Matbierger a Matbiergerinnen,

Säit de Walen am Juni ass am Schëfflenger Gemengerot eng erneiert Ekipp am Asaz. Och de Schäfferot huet changéiert. **Eng Koalitioun aus LSAP an CSV ass responsabel fir d'Gestioun vun der Gemeng.** Allerdéngs ass och de Gemengerot gefrot fir ze hëllefen d'Erausfuerderunge vun der Zäit ze meeschteren.

**D'Ligne de conduite vum Schäfferot ass kloer:** D'Biergerbedeelegung och weiderhin ze garantéieren, d'Liewes- a Wunnqualitéit z'optiméieren, flott an nei Infrastrukture fir Sport, Kultur a Fräizäite ze schafen, eng lieweg a convivial Gemeng mat staarke Veräiner ze bleiwen, a gläichermoossen dofir ze suergen, datt Solidaritéit, Toleranz a Versteesdemech eist Zesummeliewe stäipen.

An dësem Sënn ass eis eng effikass Aarbecht, en éierleche Mateneen an eng konstruktiv Kooperatioun ënnertenee wichteg. Wat priméiert sinn d'Interessen, d'Suergen an d'Uleiesse vun de Bierger/innen.

**Op eng gutt Zesummenaarbecht an der Gemeng, mat alle Conseilleren, mat alle Veräiner an allen Awunner.**

Ech wënschen eng erhuelsam Vakanz!

Am Numm vum Schäfferot

**Paul Weimerskirch,**
**Buergermeeschter** | bourgmestre

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Suite aux élections communales de juin, un nouveau Conseil communal a été mis en place. **Avec la coalition entre le LSAP et le CSV, un nouveau Collège échevinal est désormais responsable de la gestion communale.** Ensemble, le Conseil communal et le Collège échevinal sont appelés à relever les défis au cours des six prochaines années.

**La ligne de conduite du Collège échevinal est claire** : continuer à garantir la participation citoyenne, optimiser la qualité de vie et de logement, investir dans de nouvelles infrastructures sportives, culturelles et de loisirs, renforcer la commune afin qu'elle conserve sa vivacité et son esprit solidaire et tolérant.

Dans ce sens, un travail efficace ainsi qu'une coopération ouverte et constructive sont essentiels. Notre priorité est de répondre aux intérêts et aux besoins de nos citoyens.

**À une bonne collaboration entre tous les conseillers, toutes les associations locales et tous les habitants !**

Je vous souhaite de bonnes vacances !

Pour le Collège échevinal

## Deen neie Schäfferot
## Le nouveau Collège échevinal




**Paul Weimerskirch,**
Buergermeeschter | bourgmestre

finances, personnel, éducation, enseignement, culture, Klimateam, interlocuteur pour la commission des citoyens, coopération régionale, sécurité publique et protection civile




**Carlo Feiereisen,**
1. Schäffen | 1er échevin

infrastructures, circulation, sécurité, Service Régie, sport, loisirs et jeunesse




**Marc Spautz,**
Schäffen | échevin

économie, cohésion sociale, intégration, seniors, vie sociale et égalité des chances




**Rizo Agovic,**
Schäffen | échevin

développement urbain, bâtisses et infrastructures, logement social, énergie, protection du climat, de l'environnement et de la nature

## Deen neie Gemengerot
## Le nouveau Conseil communal




**Fabienne Diederich**




**Sven Kill**




**Yves Fiorelli**




**Jérôme Courtoy**




**Nadine Kuhn-Metz**




**Carlo Lecuit**




**Yves Marchi**




**Albert Kalmes**




**Christiane Biewer**




**Jeffrey Drui**




**Admir Civovic**



# Äntwertformulaire
# Coupon-Réponse



**Au Collège échevinal**
Gemeng Schëffleng
B.P. 11 | L-3801 Schifflange

(bis **spéitstens** den 18. September 2023 un de Schäfferot **zréckschécken**)
(à **renvoyer** au Collège échevinal **au plus tard** pour le 18 septembre 2023)

Heimat, stellen ech ______________________________ , gebuer den
______________ zu ______________________________
vun der Nationalitéit hir ______________ mat Wunnsëtz zu Schëffleng
______________________________ (Adress),
meng Kandidatur als Member vu folgender Kommissioun:
______________________________

Par la présente, je soussigné(e) ______________________________ ,
né(e) le ______________ à ______________
de nationalité ______________ et demeurant à Schifflange
______________________________ (adresse),
pose ma candidature comme membre de la commission suivante:
______________________________

______________________________
**Ënnerschrëft | Signature**

# Schafft mat!
# Participez activement!

**Biergerbedeelegung an de consultative Kommissiounen an Aarbechtsgruppen**

Léif Matbierger, Léif Matbiergerinnen,

**Mir wëllen eng aktiv Biergerbedeelegung.**

Och dem neie Schäfferot vu Schëffleng ass et wichteg sech d'Meenungen an d'Gedanke vun de Bierger an der Gemeng unzelauschteren an esou eng **partizipativ Demokratie** weiderzeféieren. Dofir sollen déi consultativ Kommissiounen net nëmme mat Leit aus den eenzele Parteie besat ginn, mee och mat Bierger aus der **Zivilgesellschaft**.

Eng Kommissioun steet dem Gemengerot berodend zur Säit a gëtt hir Avisen iwwert bestëmmte Sujeten of oder proposéiert eegen Initiativen. Dës Avisen a Konklusioune fléissen uschléissend an d'politesch Decisioune vum Schäffen- a Gemengerot mat an.

**Wann Dir interesséiert sidd un esou enger Kommissioun oder Aarbechtsgrupp deelzehuelen, da kënnt Dir lech mat dem annexéierte Formulaire umellen.**

**Participation citoyenne dans les commissions consultatives et groupes de travai**

Cher concitoyens, chères concitoyennes,

**Nous voulons promouvoir la participation active des citoyens.**

Le nouveau Collège échevinal insiste sur la prise en compte de l'avis des citoyens et poursuit ainsi l'approche de la **démocratie participative**. C'est dans cette optique que les commissions consultatives prévoient certains postes pour des membres de la **société civile** ainsi que certains postes pour des membres des partis politiques.

Les commissions consultatives assistent le Collège échevinal dans leurs décisions. Elles émettent des avis sur divers projets politiques et peuvent proposer des initiatives et des actions concrètes. Ces avis et conclusions sont pris en compte par le Conseil communal lors de la prise de décisions.

**Si vous êtes intéressés à devenir membre dans une des commissions consultatives ou groupes de travail vous pouvez poser votre candidature moyennant le coupon-réponse ci-joint.**

Dir kënnt lech a folgend Kommissiounen an Aarbechtsgruppe mellen:

- **Archivekommissioun** (2 Plazen)
- **Moblitéits- a Sécherheetskommissioun** (2 Plazen)
- **Biergerkommissioun** (8 Plazen)
- **Kulturkommissioun** (2 Plazen)
- **Kommissioun fir nohalteg Entwécklung** (2 Plazen)
- **Chancegläichheetskommissioun** (2 Plazen)
- **Ëmweltkommissioun** (2 Plazen)
- **Jugendkommissioun** (2 Plazen)
- **Seniorekommissioun** (2 Plazen)
- **Sport- a Fräizäitkommissioun** (2 Plazen)
- **Integratiounskommissioun** (7 Plazen, just fir Net-Lëtzebuerer, méi Infoen op eisem Site schifflange.lu)
- **Design4all** (5 Plazen)
- **KlimaPakt Team** (2 Plazen)
- **NaturPakt Team** (2 Plazen)

Voici les commissions consultatives et groupes de travail auxquels vous pouvez participer:

- **Commission à l'archivage** (2 mandats)
- **Commission de la mobilité et de la sécurité** (2 mandats)
- **Commission des citoyens** (8 mandats)
- **Commission du Développement urbain** (2 mandats)
- **Commission de la culture** (2 mandats)
- **Commission à l'égalité des chances** (2 mandats)
- **Commission de l'environnement** (2 mandats)
- **Commission des jeunes** (2 mandats)
- **Commission des seniors** (2 mandats)
- **Commission des sports et des loisirs** (2 mandats)
- **Commission consultative communale d'Intégration** (7 mandats, seulement pour les non-luxembourgeois, plus d'infos sur schifflange.lu)
- **Design4all** (5 mandats)
- **KlimaPakt Team** (2 mandats)
- **NaturPakt Team** (2 mandats)

Falls sech méi Leit an eng Kommissioun sollte mellen, ewéi Plazen disponibel sinn, da ginn d'Kandidaten an engem "tirage au sort" nominéiert, déi dann an der Gemengerotssitzung vum **22. September 2023** festgehal ginn.

S'il y a plus de candidatures que de mandats disponibles dans une commission, le Conseil communal procédera à un tirage au sort, lors de leur séance en date du **22 septembre 2023**, afin de sélectionner les candidats.

**De Schäfferot** | **Le Collège échevinal**
Paul Weimerskirch | Carlo Feiereisen | Marc Spautz | Rizo Agovic

GEMENG
SCHËFFLENG



# Engagéiert fir d'Gemeng
# Ensemble pour la commune

